



**Äntwert vum Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten op d'parlamentaresch Fro n° 8189
vum 28. Juli 2023 vum Här Deputéierte Marc Goergen**

Den éirewäerten Deputéierte gräift de Regierungsprogramm op mam viséierten Ofbau vun den Emissiounen am RGTR duerch den Ausbau vun de Buslinnen déi mat Elektrobusse gefuer ginn.

D'Emissiounen vun de Busse vum RGTR Reseau goufen ausgerechent fir déi 3 gefrote Perioden. Allerdéngs mussen déi gerechent an theoretesch Wäerter an e gewëssene Kontext gesat ginn, well déi disponibel Donnéeën net déi selwecht sinn:

- De Reseau ass komplett reorganiséiert ginn an déi gefuere Kilometerleeschtung pro Joer ass ganz signifikativ erop gaangen
- D'Kontrakter am RGTR goufen erneiert an déi disponibel Kilometerzuelen ënnerscheede sech doduerch,
 - dass 2018 nach souwuel kommerziell Kilometer wéi eidel Kilometer statistesch erfaasst a bezuelt goufen,
 - duerno de Reseau no an no ënnert den neie Kontrakter gefuer gouf (ab dem 17. Juli 2022 ongeféier 2/3, de quasi gesamt Reseau eréischt den 16. Juli 2023); Leerkilometer sinn am neie Kontrakt net méi erfaasst.

Déi folgend theoretesch Zuele sinn zesummegeallt aus de Kilometeren déi an de jeeweilege gefrote Perioden am RGTR Reseau gefuer goufen, mat Berücksichtigung op de Verbrauch vun den eenzele Buskategorien.

1. Wéi vill Emissiounen hunn d'Busser vum RGTR Reseau nach 2018 ausgestouss (op dat ganz Joer gekuckt)?

44.284 Tonnen, bei gefuereenen 59,5 Milliounen Kilometer (mat Leerkilometer), ouni Elektro-Bussen.

2. Wéi vill Emissiounen hunn d'Busser vum RGTR Reseau 2022 ausgestouss (op dat ganz Joer gekuckt)?

43.876 Tonnen, bei gefuereenen 75,6 Milliounen Kilometeren (deelweis ouni Leerfaarten), woubäi 22% vum Gesamtkilometrage elektresch gefuer goufen.

3. Wéi vill Emissiounen hunn d'Busser vum RGTR Reseau an den éischte 6 Méint vum Joer 2023 ausgestouss?

Vu Januar bis Juni 2023: 17.777 Tonnen, bei gefuereenen 40,2 Milliounen Kilometer (deelweis ouni Leerfaarten), woubäi 40,6% vum Gesamtkilometrage elektresch gefuer goufen.

Lëtzebuerg, de 24. August 2023

De Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten

(s.) François Bausch